



Sprooch a Statistiken

Et ass jo net oninteressant, datt och fir **eis Sprooch mat ,Statistikerei'** geschafft gëtt. Ower op deem Gebitt gëtt et ,Saachen', déi d'Statistik nun emol net richtig ze pake kritt. E gutt Beispill fir dat ze beweisen ass **d'Mammesprooch vun de Kënnercher am ,Préscolaire' wéi an den ënneschte Klasse vum ,Fundamental'**.

Liicht ass et, fir erauszefannen – a statistesch ze markéieren – **wat d'Kanner DOHEEM schwätzen**. Et ass ganz gutt méiglech – a statistesch ze verwäerten – datt mir et hei haut mat iwwer 50% anere Mammesprooch wéi dem Lëtzebuergesch ze din hunn: Franséisch, Italiénesch, Portugisesch, Däitsch, Englesch, Serbesch, Kroatesch, Kreolesch, Capverdianesch, Arabesch, Kisuaeli asw. **Mä wéi verstin déi sech dann ënnereneen!**

An der Zäit war deen héige Prozentsaz vun der ,Doheem-Sprooch' am Minett plazeweis net wäit dovun... ower bal nëmmen duerch eng Sprooch: d'Italiénesch. Haut hu mir et an enger eenzeger Klass dacks mat **3-4-5 Zorte Mammesprooch-Hannergrond** ze din...dobäi muss een emol bedenken, datt d' Kanner aus all deene Sproochen sech jo dann och net an hire Primär-Sproochen ënnerenee verstin. D'Logik verlaangt dann, datt si eng an déiselwecht Sprooch ,matkréien' a gebrauchen...bei äis ass dat nun emol d'Lëtzebuergesch! Am Frankräich, der Belsch, Däitschland, England asw. ass et dach net anescht,oder?

Wat doheem geschwat gëtt, ass den Elteren iwwerloos a soll et och esou bliwen. Dacks kënnt de Papp ower heem, an hie knujelt d'Lëtzebuergesch, un dat hien sech op senger Aarbecht huet misse ginn. Do kënnt et vir, datt d'Mamm (als Hausfra) net versteet, wat hie mat de Kanner ,diedegt'. Mir hunn haut och nach **vill Frauen, déi no Joer an Dag kee Wuert Lëtzebuergesch schwätzen**, well si nun emol net ,vrun d'Dier' komm sinn; dacks och, well si net wëllen. Schued fir si. Well ënner Ëmstänn verstin si leider hir Kandskanner net.

An d'Statistiken dann? Wéi sollen déi des Zoustänn dann ze gräife kréien? Grad ewéi all Léierin a Schoulmeeschter vun haut, sinn ech an der Zäit net fäerdeg mat Verwonnere ginn, **wann e klenge francophone Bouf am Laf vum Joer bäikomm ass, dee kee Wuert vun senger Komerode matkritt huet**...no e puer Méint ower d'Sprooch duerch d'Spillen, Streiden a Rolzen ,drop' hat. Hei gëtt et natierlech och Ënnerscheeder, well d'Käpp jo net all dselwecht sinn, oder d'Ëmstänn doheem net onbedéngt dat Gielt vum Ee. Do lafen d'Statistike widder eng Sproochmuer!

Nach eppes fir ze ,grimmelen': Mir hunn haut honnerttausende **Lëtzebuerg, déi generationell net ,vun hei' sinn**; si schwätze wéi Dir an ech...dacks esouguer besser. Mir fannen si am soziale Liewen op héigen a héchste Plazen, an dat ass nëmme gutt esou. Do sinn der esouguer dobäi, déi hire Grouss- an Urgrousselteren hir Sprooch emol net (méi) kënnen. Och dat ass Lëtzebuerg. Déi Evolutioun ass dach nëmmen normal; **denkt un ,eis' Amerikaner!**

Dat sinn e puer Gedanken/Ursaachen, firwat d'Sprooch vum Grand-Duché mat Sécherheet e ,Mar+Iwwermar' huet; denkt och emol un den SMS, den Internet vun eiser Press...an deen neien Artikel mat eiser Sprooch an der Verfassung, als ee vun eise Staatssymbolen, deen elo mat grousser Majoritéit **an éischer Liesung vun der Chamber op de Wee geschéckt** guff.

Gebeess

Leider hunn déi bekannt Fabrikanten äis bal alleguer mat deem kritt, wat an der Zäit hei **,Schockelasbotter'** genannt guff; en **ass duerch Nëss a ,Bäigepraffs'** ëmmer méi ,gladdereg' ginn an huet d'Gebeess an de Kicheshaf geschéckt. Iwwerens ass eist ,Gebeess' en typesche lëtzebuergesch Ausdrock. Vlächent kennt dir dee Witz, wou de Photograph zum Ketty gesot, hatt soll frëndlech kucken a schéi lues ,Marmelade' soen...mä dunn ass schéi breet ,Gebeess' komm.

De Frënd Leo Baum huet mech dëslescht gefrot, ob ech nach wéisst, wat **,Jips'** wier; sécher, an ech ka mech erënneren, datt mir och nach ,Strulax' dofir gesot hunn, deen esouguer vlächent nach aner Nimm hat. Gesond war en och. Dir fannt ës nach.

Eis Familljennim

Ass iech ewell opgefoll, datt mir **eng ganz eege Fassong hu fir Familljennim ze gebrauchen**: Mir gi bei *Webesch, bei Müllesch, Schlessesch, mä bei Backs, Brücks, Hoffmanns* asw. Dat ass ganz dätlech e Gebrauch vum Genitiv, dee mir dofir esou a kenger vun de Sproochen hei rondrem fannen, also **eng spezifesch lëtzebuergesch Eegenart**. Probéiert emol dees an d'Däitsch, Franséisch, Englesch ze iwwersetzen (zu *den... chez les... to the*). Hei spillt de Genitiv och eng Roll, ower ganz anescht wéi an eiser Sprooch. Mir hunn och kee Problem, fir eis speziell Genitiv-Fassong un egal watfir eng ,auslännesch' Familljennim ze hänken, sou datt si op déi Manéier eng Zort lëtzebuergesch Gesiicht kréien. An dat ass gutt!

vum Lex Roth



Scheif oder Rondel

Wa mir als Kanner nawell gär mat bei de Metzler gaang sinn, da war et net well hien esou schéin a fein gewiescht wier, mä well et nawell gär e ,Wippche' guff, oder **e Rëndelchen, mä ni eng ,Scheif'**

Och **bei der Ham** haten an hu mir en Ausdrock, dee gutt no heiheem schmaacht: **eng ,Schläiss'**. Deen deele mir da mat all deenen, déi Englesch schwätzen, well do dat Stéck nun emol ,slice' ass. Sinn se an der Zäit am Éislek fir d'Liederfabrik **an d'Louhecke ,schlässe' gaang**, da war et fir d' Hecken ze schielen, déi wéinst hirem ,Gerbstoff', dem ,Tanin', wichteg sinn. Wat iwreg bluf, waren dann déi plakeg Klëppele fir ze verbrennen...da brauch ee sech jo net ze froen, wou déi vun ,do uewen' hire Spottnumm ,Louklëppelen' hier hunn.

Den Ausdrock ,Scheif' hu mir ower och; mä do dréint et sech ëmmer ëm eppes Mechanesches, wéi z.B beim Schrauwen an Ofdichten, oder deene Scheiwen, déi esou sëlliche Leit un de Knéien oder dem Réckstrank (net ,Wirbelsail') ploen; hei kënnt een da vlächent drun denken, datt **d'Kruppschank an de Gelenker an d'Bandscheiwen tëscht de Réckwierbele kee ,Knorpel'** ass.

Gelackt Sprooch

Gewëss ass et net ëmmer einfach... **fir sproocheméisseg... einfach ze bliwen**. Dat apaart, wann ee,vrun de Leit' schwätzt. Da gëtt leider esou gestelzt geschwat, datt et schéi ,blénkeg' klénkt, also ,gutt mécht'...an dacks vu ville Leit net verstane gëtt.

Well mir Lëtzebuergler dann och nach am Geschriwwenen zesoe bal nëmme mat Däitsch/Franséisch/Englesch ze din hunn, **gerode mir a Schinnen, déi eis Sprooch net huet...an dmeescht net brauch**. Ass dat an der Technik, der Elektronik, der Wëssenschaft, da kann een et jo alt verstoen,well aner Sproocher passen sech do jo och un.

Wat haalt dir ower dovun, wann een eppes vun sech gëtt wéi dat hei: *Dat subjektivt Wuelbefannen huet sech vermindert*. Fir wie gëtt dann do geschwat/geschriwwen? Mir ,befannen' äis dach net ,wuel! **De sougenannten ,normale' Lëtzebuergler fillt sech perséinlech gutt oder schlecht**.

Tässelen

Ganz kloer kënnt dat Wuert *aus dem franséischen ,tas/tasser'*; mä et gëtt jo bal net méi dodru geduecht. Mir hunn et och nach als Substantiv/Dingwuert bei ,Getässels'; gelungen ass hei, datt mir den ,tas' ower net hunn, mä de ,Koup'; esouguer ,kéipen' an ,opkéipen'...ower och ,koupon', wat bei de Kënnercher da ,*Kéipi maachen'* ass.

Vlächent wier et net vu Muttwëll, wann emol een sech giff drugin, eisen Dictionnaire op des Manéier duerchzehuelen, an zwar och d'Famill mat anere Sproochen, déi iwregens hei a Westeuropa an der Haaptsaach um Germaneschen, dem sougenannte Wisi-an Ostrogoteschen a Romanesche stacken, woubäi dann dat Keltescht net ze vergiessen ass. Fir d'xte Kéier: Vlächent net wichteg...ower vlächent méi ewéi soss eppes!

Fir ze iwwersetzen

- **Bitz mir e Knapp un d'Sonndesbox.**
- **Zap mir en Humpe mat engem Kolli.**
- **De Jang ass e fatzege Schluppert.**
- **De Fons gesäit d'Milly nawell gär.**
- **Piddel d'Speis net aus den Zillen.**
- **Deen Hunn käipt jidfer Kluck.**
- **De Misch ass e falsche Luussert.**
- **D'Maddel ass eng onduge Louder.**
- **D'Änder ass eng knaschteg Spulllomp.**
- **Dee Stiichtert huet alt erëm eng komme gelooss.**
- **Hien ass e gellege Prisongsschësser.**
- **De Vic ass e lazege Latzert.**
- **Ech si mir ës net zoukomm, wat deen ditze kann.**
- **De Benn huet mir eng gekréckelt.**
- **De Charel huet vun deem Gefeëriss gegierkst.**
- **Deen huet ewell an der Schoul geknäipt a gefuddelt.**
- **Garrel emol eng Flaatsch/Schläiss Ham erof.**
- **Léiwer e Wupp Zossiss wéi e Wëppel Flesch.**
- **Du bass mir e Schéinen.**
- **Du dees mech all Kéier baschten.**
- **De Paul dréint nach anerer wéi Zigretten.**